P 1933 ID 5647

Transmis pour information aux honorables membres de la
- Conférence des Présidents
- Commission des Pétitions
- Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Luxembourg, le 18 mars 2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre aux Relations avec le Parlement

Monsieur le Président
de la Chambre des Députés

Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
27 JAN. 2022

Luxembourg, le 26 JAN. 2022

Personne en charge du dossier:
Jean-Luc Schleich
☎ 247 - 82954

SCL: PET 1933 – 124 / sp

Objet : Pétition n° 1933 – Pôle d'échange P+R Lorentzweiler A7.

Monsieur le Président,

Comme suite à la demande afférente de la Commission des Pétitions du 13 juillet 2021, j'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la prise de position de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics à l'égard de la pétition n° 1933 relative à l'objet sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Président, l'assurance de ma haute considération.

Le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Marc Hansen

5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Tél. (+352) 247-82968
Tél. (+352) 247-82952

scl@scl.etat.lu
www.legilux.public.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

171-000039-20050812-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 19 JAN. 2022

273474 | 045781

Le Ministre aux Relations avec le Parlement SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION	
Reg.: 124	SCL:
Entré le: 21 JAN. 2022	
CE:	CHD:
A traiter par: SAUDY	
Copie à:	

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

Objet : Pétition 1933 – Mobilité : Pôle d'échange P+R Lorentzweiler A7

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la prise de position du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, concernant la pétition N° 1933 de Monsieur Louis Soares, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247 93308

Stellungnam vum Här François BAUSCH, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'Pétition n°1933 betreffend "Mobilité: Pôle d'échange P+R Lorentzweiler A7"

Mat senger de 5. Juli 2021 deposéierter Petitioun, proposéiert de Petitionär Luis Soares de Bau vun engem Pôle d'Echange a P+R zu Luerenzweiler.

De Prinzip mat attraktive Pôles d'Echange a P+R et de Leit sou einfach wei méiglech ze maachen, vum Auto an den ëffentlechen Transport ze klammen ass Deel vun der Mobilitéitsstrategie Modu 2.0 a wäert och feste Bestanddeel si vum Plan National de Mobilité 2035, deen Mëtt 2022 wäert presentéiert ginn.

Eng Rei P+R sinn also bestoend oder a Planung, fir et op dem Transportkorridor vun der A7 den Automobilisten ze erméiglechen, op den ëffentlechen Transport ëmzeklammen, notamment: Miersch, Ettelbréck, Ierpeldeng a Colmer-Bierg. Des Emsteigeplattforme bidden all Direktzich op d'Gare Pafendall-Kierchbierg a wäerten dozou bäidroen, den Trafic op der A7 ze entlaaschten.

E "Pole d'échange" zu Luerenzweiler ass ze no un der Stad. Wann d'Leit bis dohinner mam Auto fuere, fueren si och mam Auto bis zu hirer Destinatioun. D'Leit musse schonns éischter op den Zuch bruecht ginn. Dofir gëtt jo zu Ettelbréck an och zu Miersch e P+R gebaut. Den Zuch bedéngt den Arret Pafendall-Kierchbierg a Lëtzebuerg-Gare an ass dofir déi ideal Verbindung. Am Kader vum PNM35 gëtt och nach zu Ierpeldeng op der Sauer e P+R geplangt.

De P+R zu Luerenzweiler ass e P+R de proximité fir déi Leit aus der Géigend ëm Luerenzweiler. D'Zuchverbindung ass performant op de Kierchbierg an op d'Gare centrale an e Projet vun engem „Pole d'echange" ausserhalb vu Luerenzweiler mat enger Busverbindung wier kéng plus-value fir déi Leit vu Luerenzweiler.

En Arrêt op déi Plaz ze réckelen, hätt och Nodeeler fir d' Awunner vu Luerenzweiler. Déi kéinten da net méi ze Fouss op hiren Arrêt goen, mee missten och den Auto, oder e Bus huele fir bei deen neien Arrêt ze kommen.

Och wann et theoretesch méiglech ass op därer Plaz en Zucharrêt ze bauen, géing dat awer eng Partie negativ Konsequenze mat sech bréngen. Zum engen ass d'Iwwerhéijung vum Gleis ze grouss fir e Quai derlaanscht ze bauen. D'Iwwerhéijung misst also erof gesat ginn, wat eng Reduktioun vun der Streckevitess bedeit an domat och d'Leeschtungsfäegkeet vun der Streck negativ beaflosst. Op der ëstlecher Säit vum Gleis sinn d'CFL am Besëtz vum Terrain, well deen als Accès fir bei den Tunnel an och laanscht d'Streck gebraucht gëtt. Wann do e Quai gebaut géing gi misst wahrscheinlech och d'E421 verréckelt ginn, fir den Accès kënnen ze behalen. Op der westlecher Säit vum Gleis sinn d'CFL net am Besetz vum Terrain. Do misst also nach Terrain kaf ginn. Den Terrain läit an enger Iwwerschwemmungszone HQ10 a bitt sech dofir net un fir do en Arrêt ze bauen.

Ee Site P+R Luerenzweiler ass deemno net virgesinn. Den Ureiz esou no bei der Stad nach op en ëffentlecht Transportmëttel ëmzeklammen, dat um Kierchbierg oder an der Uewerstad nach eng Kéier en Emstieg erfuerdert, ass ze kleng. Eng effikass Priorisatioun mat eegener Spuer vun enger Buslinn ass op der A7 am Ofschnëtt Luerenzweiler – Waldhaff aus Plazmangel net méiglech. Emstiegméiglegkeeten op den Zuch ginn et och op all den anere scho genannte P+R. Och wier d'Réckele vun der Gare aus Luerenzweiler eraus am Widdersproch zu enger attraktiver Zuchoffer fir den Uelzechtdall.

Dovun ofgesinn, dass fir eng Tramslinn als Ersatz zu de bestoende Regionalzich op der N7 keng Plaz ass, hätt si keng Virdeeler par Rapport zur bestoender Bus- an Zuchoffer: d'Fuerzäite wieren insgesamt méi lues – par Rapport zum Zuch – oder änlech – par Rapport zum Bus – wéi haut. Richtung Kierchbierg wier de selwechten Emstieg erfuerderlech wéi haut mam Zuch an déi gutt Verbindungen mam Bus géife verluer goen. Finalement géif sech d'Offer vum ëffentlechen Transport insgesamt verschlechteren, well duerch déi vill méi grouss Gefiererkapazitéit an déi manner attraktiv Verbindunge keng esou héich Frequenze wéi mam Bus néidesch wieren, fir déi ze erwaardend Demande ze transportéieren.